Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 567/2023
28 SEP. 2023
A traiter par:
Copie à:

Entrée le 27.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.09.2023

Lëtzebuerg, den 27. September 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch, den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an den Här Policeminister weiderzeleeden:

„De Veräin 'Sichhënn.lu' gouf 2017 gegrënnt an hëlleft säitdeem Privatleit vermëssten Déieren ze sichen an ze sécheren. Iwwert d'Joren ass de Veräin awer och schonn éfters vun Autoritéiten aus Lëtzebuerg, der Belsch an aus Frankräich kontaktéiert ginn, fir si beim ‚mantrailing', also bei der Sich no vermësste Persounen, ze ënnerstëtzen. Och Asyler, den 113 an aner Servicer vun der Police hu schonn op d'Hëllef vum Veräin zeréckgegraff.

D'Nofro no den Déngschter vun de Sichhënn, déi sech aktuell duerch Spende finanzéieren, ass an de leschte Joren ëmmer weider geklommen. Fir gutt Hëllef kënnen ze leeschten an hir Existenz ze sécheren, sinn dës Veräiner op Lokalitéiten an e gudde Materialbestand ugewisen.

An deem Kader wëll ech der Madamm Inneministesch, dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an dem Här Policeminister folgend Froe stellen:

- *Wien këmmert sech ëm d'Déiererettung wann en Noutruff erakënnt bei dem och Déiere betraff sinn?*
- *Wat passéiert mat dësen Déieren ?*
- *Huet de Staat Uspriechpartner déi direkt mat kontaktéiert ginn wann en Déier aus engem accidentéierten Auto verletzt oder fortgelaf ass?*
- *Wien sinn si ?*
- *Wéi vill Asäz haten dës Ekippen iwwer déi lescht 10 Joër?*
- *Wéi oft sinn d'‚Sichhënn.lu' säit hirer Grënnung vun offiziellen Autoritéite wéi Police oder dem CGDIS scho fir Hëllef kontaktéiert ginn?*

- *Wéi vill Associatioune a Veräiner sinn offiziell Partner déi vum Staat an esou Fäll fir Hëllef ugefrot ginn?*
- *Kréien dës Veräiner finanziell a logistesch Hëllef vum Staat oder de Gemengen ?*
- *Falls nee, wisou net?"*

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, vum Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, Claude Haagen, a vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n° 8351 vum honorabelen Deputéierte Claude Lamberty zum Sujet "Sauvetage d'animaux"

Den honorabelen Deputéierten informéiert sech iwwert d'Déiererettung hei zu Lëtzebuerg an iwwert d'Roll vun der asbl "Sichhënn.lu" an dësem Kontext.

Am Fall, wou d'Police een Noutruff erakritt, bei deem och Déiere betraff sinn, maachen d'Beamten déi éischt Feststellungen op der Plaz an handele jee no Situatioun. D'Missioune vun der Police variéiere jee no Fall, ob d'Déier entweder fortgelaf ass oder blesséiert oder dout opfonnt ginn ass.

Et ass och ganz punktuell virkomm, dass d'Police engem Bierger, deen am Kontext vu fortgelafenen Hënn no Hëllef gefrot huet, d'asbl "Sichhënn.lu" als Kontakt uginn huet.

D'Sich no vermëssten Déieren ass keng Missioun vum CGDIS, an dofir huet hien déi genannten asbl och nach net ëm Hëllef gefrot. De CGDIS intervenéiert bei der technescher Rettung vun Haus- an Notzdéieren, déi an enger Noutlag sinn, aus där se selwer net méi erauskommen (z.B. e Päerd, dat an eng Fosse gefall ass). An dëse Fäll kënnt gemengerhand de Groupe de sauvetage animalier zum Asaz. Am Joer 2022 goufen et 23 Asätz wéinst Déiererettung beim CGDIS.

Am spezifesche Fall, deen den Deputéierten uschwätzt, wou en Déier aus engem accidentéierten Auto gerett muss ginn oder fortgelaf ass, huet de Staat verschidden Uspriechpartner, ënner anerem d'Administration des ponts et chaussées, d'Gemengeservicer, d'Naturverwaltung, Veterinären oder déi betraffe Proprietären.

Bei Bedarf gëtt och an esou engem Fall e Veterinär vum Groupe de sauvetage animalier vum CGDIS op d'Asazplaz geruff.

En Déier, wat gebuerge gouf an nach lieft, gëtt entweder dem "Wëlldéier Drop-Off" iwwerginn, respektiv dem Proprietär, engem Déierenasyl oder dem "Centre de soins pour la faune sauvage".

Lëtzebuerg, den 9.11.2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding